ASSOCIATION DES MÉDECINS ET MÉDECINS-DENTISTES
29, rue de Vianden
L-2680 LUXEMBOURG
Tél.: (352) 44 40 33-1 - Fax: (352) 45 83 49
secretariat@ammd.lu
**S-25701/23/S/f**

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2023

# COMMUNIQUÉ DE PRESSE

Um Gesondheetsdësch goufen d'Problemer vun eisem Gesondheetssystem ënnert den Dësch gekiert. Besonnesch déi laang Wardezaiten an den Accès zu enger besserer ambulanter Versuergung stoungen zur Debatt. D'Politik war awer net un neien Idéen interesséiert.

Am Géigendeel: den Gesetzesprojet PL 8009, am Réck vum Gesondheetsdësch geschriwwen, gesäit nach méi Planwirtschaft an nach méi Politiséierung fir. Dat heescht besonnesch fir d'Patienten, nach méi Bürokratie, nach méi laang Wardezaiten an eng nach méi zéi Gesondheetsversuergung.

Eis Gesondheetspolitiker wëllen selwer decidéieren, wat gutt fir d'Leit ass. Sie wëllen Gesondheetsleeschtungen verdeelen, fir sech bei den Leit beléift ze machen. Dofir halen sie un der Planwirtschaft fest, wéi de Géck un de Bengel. A leien sait Joeren doniewt, wann ett drëm geet den Patienten en zaitnoen Zougang zur Gesondheet ze erméiglechen.

Zum Enn vun dëser Legislaturperiod verfält d'Regierung elo an Aktionismus a probéiert e Gesetz duerchzeboxen, wou sech gravéierend verfassungsrechtlech Froen stellen. De Staatsrot huet dofir bis elo kéng gréng Luucht ginn, ganz am Géigendeel.

D'Regierung probéiert mat ganz dürftegen Pseudoargumenter de Froen vum Staatsrot bäizekommen, an d'AMMD entlarvt dës Argumenter als falsch an net iwwerzeegend.

D'Deputéierten kennen dëst verfeelten Gesetz, dat esouwuel den Patienten wéi och eisem Gesondheetssystem weideren Schued wärt zoufügen, nach stoppen an de Wee endlech fräimaachen fir eng konstruktiv Diskussioun mat den Haaptakteuren am Sënn vun de Patienten.

Fir den Verwaltungsrot,

| | | |
|---|---|---|
| (s) Dr Alain Schmit<br>Präsident | (s) Dr Guillaume Steichen<br>Generalsekretär | (s) Dr Philippe Wilmes<br>Vizepräsident |